

# Konzept „Séchere Schoulwee“

## Concept “Séchere Schoulwee”








**LU**


D'Gemeng Nidderaanwen huet zesumme mat allen Acteuren ronderem d'Schoul d'Konzept vum „Séchere Schoulwee“ ausgeschafft. Dëst Konzept, wat ab Hierscht 2025 – mam Ufank vum neie Schouljoer – ëmgesat gëtt, baséiert op enger Rei vu Sécherheetsmoossnamen, déi geziilt de Schoulwee fir d'Kanner méi sécher maachen.

Am Virfeld gouf eng Ëmfro bei de Schüler an den Elteren duerchgefouert, fir konkret Informatiounen iwwer déi genotzte Schoulweeër ze sammelen. Op dëser Basis goufen déi wichtegst Verbindungsweeër bei d'Schoul a bei d'Schoulbusarrêten identifizéiert.

Bei allen Zebrasträifen, déi um „Séchere Schoulwee“ leien, gëtt ee Marquage mam offizielle Logo vum „Séchere Schoulwee“ um Trottoir gemaach.

D'Zil vum Konzept ass et, d'Schüler – a wa méiglech och d'Elteren – z'encouragéieren, ze Fouss an d'Schoul ze goen an esou d'Unzuel u Gefierer ronderëm d'Schoul ze reduzéieren.




**EN**

The Commune of Niederanven, together with all actors around the school, has developed the concept of the "Séchere Schoulwee".This concept, set to be implemented in autumn 2025 at the start of the new school year, is based on a range of targeted safety measures designed to make the journey to school safer for children.

In advance of the concept, a survey was conducted among pupils and parents to gather concrete information about the routes used to get to school. Based on this data, the most important routes to the school and the school bus stops were identified.

At every pedestrian crossing along the school route, the logo of the "Séchere Schoulwee" will be marked clearly on the sidewalks.

The goal of the concept is to encourage pupils and their parents to walk to school, thereby reducing the number of vehicles around the school.